



Rapport Referees' Commission - 30.08.2022

Present : Frieden, Frieseisen, Geib, Keiffer, Kröpelin, Nesser, Simonelli, Volz

Entschëllegt : Courtois, Weber, Weinzierl

- 1) **Adoptioun vum Rapport Referees' Commission vum 17.06.2022.**
- 2) **Stage Mondorf :**
*33 Arbitter an Delegué haten sech Enn August um Stage zu Mondorf afonnt an hunn ënnert der Leedung vun engem Schwäizer EHF-Ausbilder e flotte Stage verbuecht. Sonndes waren och Vertrieeder vun de Veräiner do, fir Erklärungen zu den neie Reegelen ze kréien, an e gemittlechen Austausch beim Mëttegiessen ze maachen. An dem Kontext ass leider ze bemängelen, dass vill Vertrieeder vun de Clibb sech fir d'Mëttegiessen ugemellt haten, awer net bliwwen sinn. Dëst bréngt dann onnéideg Käschte mat sech.
Videoen déi op der Formatioun gewise goufen, ginn zur Verfügung gestallt.*
- 3) **Indemnitéit Arbitrage**
*D'Clubb kruten déi proposéiert Ännerunge mat den néidegen Erklärungen geschéckt. Obwuel eng allgemeng Akzeptanz do ass, mussen awer nach e puer Detailler gekläert ginn.
Zu dësem Zweck luet d'RefCom déi responsabel Clibbvertrieeder den **13. Oktober 2022** um **19h00** op eng table ronde an d'Maison des Sports op Stroossen an, fir eng gemeinsam Entscheedung ze huelen.
D'RefCom ass vertraueden duerch d'Häre Keiffer, Simonelli a Weber.*
- 4) **Demissiounen an Inaktivitéiten**
3 Arbitter hunn decidéiert net méi weider ze maachen, an anerer kréien nach e leschte Rappell. Ouni Äntwert ginn och déi Arbitter vun der Lëscht gestrach.
- 5) **Tester fir Saison 2022-2023**
*Déi Arbitter déi nach kee Reegeltest fir d'Saison 2022-2023 gepackt hunn, mussen e Rendez-vous um Büro huelen, fir de schrëftlechen Test ze maachen. AXA-League Arbitter déi nach net gelaf sinn, mussen eng Hal fannen an den Test mat engem Member aus der RefCom koordinéieren.
Ouni déi néideg Tester gepackt ze hunn, gëtt keen Arbitter agesat.*
- 6) **Tester virum Play-off :**
*Well ëmmer méi Arbitter Extrawurschte wëllen, ass decidéiert ginn, dass virum Play-off just 2 Datumer proposéiert gi fir d'Tester ze maachen. Sollt een Arbitter déi 2 Deeg verhënnert sinn, muss hien/hat :
- Fir den theoreteschen Test de Büro vun der FLH kontaktéieren an sech do ee RV huelen
- Den Test Luc-Léger filmen an de Fichier un d'RefCom schécken.*
- 7) **Examen cycle inférieur:**
*Den theoreteschen Exame fir all déi nei C-Kandidaten ass de **24. September 2022** um **11h00** an der Maison des Sports zu Stroossen (Sall 4). Déi verschidde Kandidate ginn nach agelueden.*

- 8) **SBO – Cours**
D'RefCom huet folgend Datumer zréck behalen.
Dënschdes, den 20. September 2022 um 19h00 op Lëtzebuergesch
Samschdes de 24. September 2022 um 10h00 op Lëtzebuergesch
Dënschdes de 27. September 2022 um 19h00 op Franséisch
D'Formatioun ass an der Maison des Sports zu Stroossen (3, route d'Arlon)
- 9) **Konformitéit Sportshalen**
De Francis Keiffer huet d'Sportshalen ofgeholl. Heizou e puer Remarken :
Crauthem :
D'FLH huet bei der EHF nogefrot wéinst dem Mëttelkrees, krut awer bis haut nach keng Äntwert. RefCom schléit dem HC Berchem awer fir, de Krees komplett zou ze molen.
Käerjeng :
E puer Linnen zu Käerjeng si schwéier ze erkennen a missten eng Kéier nogezu ginn.
Schoulhalen :
D'RefCom freet den CA fir eng generell Demande un de Ministère ze stellen, fir de Mëttelkrees op all Handballsterrain (Schoulhalen) ze kréien.
- 10) **Austausch mam « Grand-Est »**
Den 3. September hat d'RefCom (Geib, Keiffer, Simonelli, Weber) eng Versammlung mat Arbittervertrieder aus dem Grand-Est. Hei sinn déi éischt Schrëtter fir een eventuellen Austausch gemaach, an een Aarbechtsprogramm opgestallt ginn.
An nächster Zäit gétt och nees Kontakt mat der RPS opgeholl. Mat Wien si mir schonn am Gaange mat kucken, an d'Schwäiz ass an der Virbereedung.
- 11) **EHF-DMR**
Nodeems d'RefCom een Opruff gemaach hat, hu verschidde Leit sech gemellt. Falls nach Interessi besteet, sollen déi Kandidaten sech einfach um Büro mellen.
D'RefCom well d'Clibb awer och opmierksam maachen, fir net prioritär Arbitter fir déi Aufgab virzegesinn.
- 12) **EHF Refs an DEL**
De Francis Keiffer an de Georges Frieden wäerten sech och dëst Joer nees em d'Arbitter an Deleguë bei de Matcher vun eisen Nationalekippe bekëmmern.
- 13) **5. Offiziellen op der Bänk:**
An hirer Reunioun vum 21.7. huet den CA d'Propose vun der IHF vum 5. Offiziellen akzeptéiert. An dem Kontext wëll d'RefCom betounen, dass dat am Moment technesch Problemer mat sech bréngt, well keng Plaz um SBO virgesinn ass fir e 5. Offiziellen anzeschreiwen. D'RefCom feet dowéinst déi Offiziell op 4 ze limitéier bis dass d'Problemer geléist sinn.

Nächst RefCom Dënschdes den 18. Oktober 2022 um 18h30 zu Stroossen.